ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 7. Mäerz 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wunnengsbauminister weiderzeleeden.

Mir ginn aus der Press gewuer, datt Arcelor-Mittal dem Fonds du Logement déi al Arbeds-Terrainen zu Diddeleng verkaf huet. Am nämmlechten Artikel seet den Diddelenger Buergermeeschter, datt d'Sanéierung esou wäit ofgeschloss wier. Zu deem Viirgang hunn ech e puer Froen:

1) Ass den alen Arbeds-Terrain zu Diddeleng am Besëtz vum „Fonds de Logement", a wann Nee, wien ass aktuell Proprietär vun deem Terrain?
2) Wien ass bei der Transaktioun vun deem Terrain designéiert ginn, fir d'Sanéierung vum Industrie-Komplex, op deen soll e Wunnengs- a Geschäftsquartier entstoen, ze bezuelen?
3) Wat huet deen Terrain den aktuelle Proprietär kascht?
4) Wat ass den Devis fir d'Sanéierung vun deem Terrain?
5) Wéi vill Sue si bis elo scho fir déi Sanéierung ausgi ginn, an ass séchergestallt, datt deen Devis agehale gëtt?
6) Wie kontrolléiert no hirem Ofschloss, op déi Sanéierung esou war, datt deen Terrain ouni Aschränkungen a gesondheetlech Risike ka fir e Wunn- a Geschäftsquartier genotzt ginn?
7) Wie muss opkommen fir weider Sanéierungsausgaben, déi vläicht net virauszegesi waren?
8) Kann de Minister, wann d'Sanéierung fäerdeg ass, der Chamber an der Ëffentlechkeet eng Tabell zoukomme loossen mat allen Ëmweltbelaaschtungen, déi um Site festgestallt gi sinn, de Grenzwäerter, déi zu Lëtzebuerg oder an Europa anzehale sinn, an de Wäerter, déi no der Sanéierung nach um Site gemooss gi sinn. Dat nämmlecht wéilt ech am eenzelen fir déi dräi aner Industrie-Siten, déi och am nämmlechten Zäitraum vum Staat vun der Arcelor Mittal kaf gi sinn, an zwar de Site Eucosider zu Péiteng, den Terrain zu Bieles an de Site Circuit Foil zu Woltz.

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten